FGFC TICE
Groupement d'intérêts
Personnel du Transport Intercommunal
du Canton d'Esch-sur-Alzette

www.facebook.com/fgfctice

**Pressekommuniqué:**

# Ras le bol beim TICE Fuerpersonal!

## Déi nei Déngschtpläng sinn net méi anzehalen, et kënnt zu massiven Ausfäll vu Faarten an enorme Retarden um TICE Reseau!

Säit e puer Joer brodelt et um TICE, net zulescht säit deem en neie Chef de Service am Département Mobilité et Circulation um Rudder sëtzt. Säit deem gouf den Drock op d'Personal stänneg erhéicht, an et gëtt versicht, ëmmer méi Faarten an d'Positiounen ze setzen. Vun gudden Aarbechts-konditiounen ass scho laang keng Riets méi. Dobäi kommen ëmmer méi restriktiv Virschrëften an absolut kee Fangerspëtzegefill am Ëmgang an Toun mam Personal.

Wann d'Personaldelegatioun, an Zesummenaarbecht mat de Sektiounen, a Vergaangenheet nach Schlëmmeres verhënnere konnt, ass dat elo eriwwer. Dëse Service setzt sech mëttlerweil iwwer de Statut ewech, andeems d'Avise vun der Personalvertriedung ignoréiert oder carrement net gefrot ginn. Aus dëse Grënn huet d'Personalvertriedung rezent zweemol misse beim Inneministère intervenéieren.

D'Planifikatioun, déi zoustänneg ass fir d'Verdeelung vun den Déngschter, gouf gewarnt, dass d'Limitte scho längst erreecht wären a keng weider Verschlechterunge säitens der Personal-vertriedung akzeptéiert géifen. Et ass net op d'Leit um Terrain gelauschtert ginn, mam Resultat, dass elo näischt méi opgeet, an d'Personal d'Flemm huet schaffen ze kommen. Et fale permanent Faarten aus an et kënnt zu massive Retarden, wat de Service au Client, deen eise Mataarbechter wichteg ass, onméiglech mëscht, an zu engem immensen Drock beim Personal féiert!

D'Personalvertriedung freet säit Woche Statistiken, zu wéi vill Ausfäll an Iwwerstonnen et säit dem 24. Juni koum, a kritt keng Äntwert. Eng Ëmfro vun der Delegatioun beim Personal gouf vun der Direktioun torpedéiert, andeems d'informatesch Ressourcen dofir gestoppt goufen. Dat si ganz kloer Zeechen dofir, dass de Problem soll ënner den Teppech gekiert ginn, oder, wat mer net hoffen, d'Wuelbefanne vun de Mataarbechter keng Roll spillt.

D'FGFC ass eng Gewerkschaft, déi d'Problemer am Dialog kläre wëll, wat awer mat der neier Féierung um TICE net méi méiglech ass! Als Excuse ginn d'Verhandlunge vun der Konventioun an de Vierdergrond gestallt, mä genee dat Argument loosse mer net méi gëllen! Et gëtt vun dëser Situatioun profitéiert, déi restriktiv Marschroute duerchzeboxen, an dat op d'Käschte vun der Gesondheet vun eise Mataarbechter.

**Wann elo net direkt eppes geschitt, wäerte mer eis deemnächst op der Strooss erëmgesinn!**

FGFC-TICE Sektioun